# No bei dir.

DP
DEMOKRATESCH PARTEI
Rammerich





# WALPROGRAMM - DP SEKTIOUN RAMMERICH PROGRAMME ÉLECTORAL


1 Digitaliséierung
*Digitalisation*

2 Veräiner an Aktivitéiten
*Associations et activités*

3 Energie an Ëmwelt
*Énergie et environnement*

4 Mobilitéit a Sécherheet am Stroosseverkéier
*Mobilité et sécurité routière*

5 Eis Schoul
*Notre école*

6 Entwécklung vum Handel an der Gemeng
*Développement du commerce dans la commune*

7 Mir stellen eis vir!
*Nous nous présentons !*


**rambrouch.dp.lu**




# DIGITALISÉIERUNG

1

## D'BIERGER VERBANNEN AN DÉI DIGITAL TRANSITIOUN BEGLEEDEN

Eis Gesellschaft befënnt sech an enger Transitiounsphas an där digital Prozesser eng ëmmer méi zentral Roll am Liewe vun de Leit an eisen Dierfer spillen. Och op demografeschem Plang entwéckelt sech eis Gemeng, wëll vill nei Bierger an eis Dierfer wunne kommen. Eist d'Zil ass et fir déi nei digital Technologien ze notze fir d'Leit aus eiser Gemeng méi mateneen ze verbannen an d'administrativ Prozeduren ze vereinfachen.

Eis Haaptiddi ass et fir op der Gemeng een Informatiker anzestellen, deen déi digital Transitioun op der Verwaltung begleet an d'Awunner aus der Gemeng ënnerstëtzt. Dës Persoun soll nei administrativ Prozeduren (z.B. Digital Formulairë fir Demanden) entwéckelen an de Bierger, e.a. unhand vu Workshops an Erklärungsvideoen, hëllefen déi nei Demarchen einfach unzewenden. Zäitgläich mussen an dëser Transitiounsphas ëmmer analog Alternativen ugebuede ginn, sou datt all Bierger seng Demande beschtméiglech stelle kann.

Eis zweet Iddi ass et fir eng digital Kaart vun der Gemeng z'erstellen an där Veräiner a Geschäfter aus eiser Gemeng op ee Bléck erëmzefanne sinn. Dës Kaart soll um Site vun der Gemeng veröffentlecht a reegelméisseg aktualiséiert ginn. Iwwert dëse Wee gëtt et de Bierger méiglech, einfach rauszefanne wéi eng Veräiner a Geschäfter et an eiser Gemeng gëtt a wéi si Kontakt mat hinnen ophuele kënnen. Dëst soll natierlech am Respekt vum Dateschutz geschéien. Dës Kaart soll dann och de Veräiner a Geschäfter hëllefen nei Memberen a Clienten ze gewannen a méi Visibilitéit z'erhalen.

# DIGITALISATION

## CONNECTER LES CITOYENS ET ACCOMPAGNER LA TRANSITION NUMÉRIQUE

Notre société se trouve dans une phase de transition dans laquelle des processus numériques jouent un rôle de plus en plus central dans la vie des gens de nos villages. Notre commune se développe également sur le plan démographique, car beaucoup de nouveaux citoyens s'installent dans nos villages. Notre objectif est de recourir aux nouvelles technologies numériques pour mieux connecter les gens de notre commune et de simplifier les procédures administratives.

Notre idée principale est d'engager un informaticien auprès de la commune pour accompagner cette transition numérique au sein de l'administration et d'assister aux habitants de la commune. Cette personne devra développer des procédures administratives (p. ex. formulaires numériques pour des demandes) et aider les citoyens, entre autres à l'aide d'ateliers et de vidéos explicatives, à comprendre de façon simple comment appliquer les nouvelles démarches. En même temps, des alternatives analogues doivent toujours être offertes afin que tout citoyen puisse formuler sa demande de la meilleure façon.

Une deuxième idée est d'établir une carte numérique de la commune, sur laquelle des associations et entreprises de notre commune peuvent être retrouvées. Cette carte doit être publiée et actualisée régulièrement sur le site de la commune. De cette manière, les citoyens pourront découvrir de façon simple les associations et les entreprises qui existent dans notre commune et savoir comment prendre contact avec ceux-ci, tout en respectant la protection des données. Cette carte poursuit également l'objectif d'aider aux associations et aux entreprises à gagner des nouveaux membres et clients ainsi que d'obtenir une plus grande visibilité.



# VERÄINER AN AKTIVITÉITEN

2

## D'VERÄINSLIEWEN ËNNERSTËTZEN AN AUSBAUEN

Lokal Veräiner erméiglechen et de Bierger sech mat hirem Duerf z'identifizéieren a fërderen d'Integratioun an d'Gemeinschaft. Dernieft spillt d'Veräinsliewen haut an eiser schneller Gesellschaft eng elementar Roll fir d'Gesondheet an d'Ausgeglachenheet vun de Leit. Aus dëse Grënn wëlle mir déi bestoend Veräiner aktiv ënnerstëtzen an d'sportlech souwéi déi kulturell Offer an eiser Gemeng fërderen.

Eis Haaptiddi ass et de Bau vun enger zäitgeméisser Sportshal endlech ze realiséieren an de Veräiner a Bierger an eiser Gemeng eng zukunftsfäeg Infrastruktur zur Verfügung ze stellen. Sou kënne mir de sportleche Besoine vun all Alterskategorie gerecht ginn (vu Bëbee- bis Senioresport). Fir dës Offer z'erméigleche géife mir mat regionale Veräiner an Associatiounen zesummeschaffen.

D'Jugendaarbecht an de Veräiner wëlle mir aktiv stäerken a Benevollen an hirem Engagement ënnerstëtzen.
Den Dialog tëscht Veräiner a Gemeng soll verbessert ginn fir méi zilgerecht op d'Besoinen anzegoen. Iwwer dës Zesummenaarbecht wëlle mir d'Kontinuitéit an d'Entwécklung vun eise Veräiner fërderen.

# ASSOCIATIONS ET ACTIVITÉS

## SOUTENIR ET DÉVELOPPER LA VIE ASSOCIATIVE

Les associations locales permettent aux citoyens à s'identifier avec leurs villages et favorisent l'intégration dans la communauté. De plus, la vie associative joue aujourd'hui dans notre société rapide un rôle fondamental pour la santé et sérénité des personnes. Pour ces raisons, nous voudrons soutenir activement les associations sportives existantes et promouvoir l'offre culturelle et sportive dans notre commune.

Notre idée principale est de réaliser enfin la construction d'une salle de sport plus moderne et de mettre à la disposition aux associations et citoyens de notre commune une infrastructure durable. Ainsi, nous pourrons répondre aux besoins sportifs de toutes les catégories d'âge (du sport pour bébés au sport pour seniors). Afin de pouvoir réaliser cette offre, nous voudrions travailler ensemble avec des associations régionales.

Nous voulons soutenir le travail avec les jeunes dans les associations et supporter les bénévoles dans leur engagement. Le dialogue entre les associations et la commune devra être amélioré afin de répondre de façon ciblée aux besoins des associations. Par le biais de cette coopération, nous souhaitons favoriser la continuité et le développement de nos associations.



# ENERGIE AN ËMWELT

# 3

## ENG MÉI EFFIZIENT AN NOHALTEG GEMENG MATGESTALTEN

Eis Gemeng huet opgrond vu senger geographescher Lag am Norden a senger Fläch ee grousst Potential fir eng attraktiv zukünfteg Entwécklung am Beräich vun den erneierbaren Energien. Mir wëllen dës Chance zum Virdeel vun eiser Gemeng notzen an d'Energietransitioun, an där sech eis Gesellschaft befënnt, matgestalten.

Eis Iddi ass et d'kommunal Gebaier energieeffizient ze sanéieren: 1/3 vun den klimaschiedlechen Emissiounen entsteet am Gebaiesecteur; sou verbraucht d'Gemeng Rammerich fir d'Hëtze vun hire Gebaier aktuell duerchschnëttlech 420.000 Liter Mazout pro Joer. Fir dës Situatioun ze verbesseren, wëlle mir an enger éischter Phas déi kommunal Gebaier (e.a. Centre-culturellen a Kierchen) op de Leescht huelen an duerno bei ufalende Sanéierungsaarbechte wärmedämmend renovéiere fir der Gemeng hir CO2-Bilanz drastesch ze verbesseren.

Duerch den Ausbau vu Solaranlagen op kommunale Gebaier wëlle mir aktiv dozou bäidroen grénge Stroum an eiser Gemeng ze produzéieren. D'Einnamen, déi iwwert dës Energieressource entstinn, kënnen da genotzt ginn fir nei Projeten (z.B. d'Ëmrëschtung op LED-Beliichtungen) an eiser Gemeng ze realiséieren.

Donieft ënnerstëtze mir och weiderhin de Wandpark Kanton Réiden an envisagéieren déi geographesch Lag vun eiser Regioun ze notzen. Duerch eis grouss Fläch kënne mir nei Energieressourcë fërderen, dëst ausserhalb vun eise Wunnzonen, sou datt d'Liewensqualitéit vun eise Bierger net beanträchtegt gëtt.

# ÉNERGIE ET ENVIRONNEMENT

## CONCEVOIR UNE COMMUNE PLUS EFFICACE ET DURABLE

De par sa situation géographique dans le nord du pays et sa superficie, notre commune dispose d'un grand potentiel pour un développement attrayant dans le domaine des énergies renouvelables. Nous voulons utiliser cette opportunité et participer à promouvoir la transition énergétique, dans laquelle notre société se trouve.

Notre idée est d'assainir nos bâtiments communaux de manière efficace sur le plan énergétique : 1/3 des émissions nocives pour le climat provient des bâtiments ; ainsi la Commune de Rambrouch consomme actuellement en moyenne 420.000 litres de fuel par an pour le chauffage de ses bâtiments. Afin d'améliorer cette situation, nous souhaitons, dans un premier temps, évaluer les bâtiments communaux (P. ex. les centres culturels et églises) et dans un deuxième temps procéder à des travaux d'assainissement lors de rénovations, afin d'améliorer considérablement le bilan CO2 de la commune.

En développant les installations solaires sur les bâtiments communaux, nous voulons activement contribuer à produire de l'électricité verte dans notre commune. Les revenus générés par cette ressource d'énergie peuvent ensuite être utilisés pour réaliser de nouveaux projets dans notre commune (P. ex. la mise en place de lampes LED).

Ensuite, nous continuons à soutenir le parc éolien du canton de Redange et de profiter de la situation géographique de notre région. Grâce à nos grandes surfaces, nous pouvons contribuer au développement de nouvelles ressources énergétiques, en dehors de nos zones d'habitation, sans détériorer la qualité de vie de nos citoyens.



# MOBILITÉIT A SÉCHERHEET

4

## MOBILITÉIT A SÉCHERHEET AM STROOSSEVERKÉIER

Fir d'Leit am ländleche Raum ass d'Mobilitéit eng vun den zentralen Erausfuerderunge vun eiser Zäit. Vill Awunner, déi z.B. op schlecht Busverbindungen an eiser Regioun zréckgräife mussen, si gezwongen sech däser Situatioun alldeeglech ze stellen. An den nächste Jore wäert och d'Thema nohalteg Mobilitéit fir d'Awunner an eiser Gemeng u Bedeitung gewannen. Aus dëse Grënn wëlle mir mat verschiddene Moossnamen dozou bäidroen, datt eis Gemeng fir dës Erausfuerderunge gewappnet ass an d'Awunner net eleng gelooss ginn.

## D'MOBILITÉIT VERBESSEREN AN D'DIERFER VERNETZEN

Duerch d'Aféierung vun engem Rufbussystem wëlle mir garantéieren, datt all Awunner seng Kommissiounen a Rendez-vousen (z. B. Apdikt, Bäcker, Dokter, asw.) an der Gemeng eegestänneg erleedegen an entgéint huele kann. Dëse Rufbussystem soll behënnertegerecht an emissiounslos sinn.

Donieft wäerte mir eis gezielt dofir asetzen, datt aus eisen Dierfer gutt a reegelméisseg Busverbindungen zu den Zentren (Réiden, Wooltz, Ettelbréck a Lëtzebuerg) garantéiert sinn.

Am Kader vun der Mobilitéitstransitioun wëlle mir an eisen Dierfer den Ausbau vun Elektro-Bornen op ëffentleche Parkinge förderen. D'Dierfer sollen an d'Mobilitéitstransitioun agebonne ginn an d'Bierger musse wärend däser Zäit ënnerstëtzt ginn. Fir déi douce Mobilitéit ze begënschtegen, wëlle mir dovunner profitéieren, datt d'Gemeng Rammerich un eng national Vëlospist ugebonnen ass a garantéieren datt all d'Dierfer beschtméiglechst un dëst Vëlosnetz ugeschloss sinn.

## SÉCHERHEET AM STROOSSEVERKÉIER

An eisen Dierfer muss garantéiert sinn, datt d'Bierger a virun allem d'Kanner a Sécherheet iwwert d'Stroossen (z.B. um Schoulwee, fir op d'Vëlospist) goe kënnen. Leider ass dëst awer op ville Plazen an eisen Uertschaften net de Fall.

Fir dës Situatiounen ze verbesseren, wëlle mir an enger éischter Phas eng Sécherheetsevaluatioun vun de Stroossen duerchféiere loossen, fir rauszefanne wou verkéiersberouegend Moossnamen, wéi z.B. zousätzlech Zebrasträifen a Verkéiersschëlder, sënnvoll wieren. An dësem Kader spille sécher Zougäng op d'Vëlosweeër eng wichteg Roll.

Fir an den Niewestroossen d'Liewensqualitéit vun den Awunner z'erhéijen, wëlle mir de Ëmbau vu Spillstroosse förderen, sou datt de Verkéier punktuell berouegt gëtt.



# MOBILITÉ ET SÉCURITÉ

## MOBILITÉ ET SÉCURITÉ ROUTIÈRE

Pour les citoyens de nos villages, la mobilité fait partie des principaux défis de notre temps. Toutes les personnes qui sont confrontées aux mauvaises connexions de lignes de bus dans notre région doivent faire face à cette situation quotidiennement. Dans les années à venir, la mobilité durable deviendra de plus en plus importante. C'est pour cette raison que nous souhaitons contribuer via différentes mesures à préparer notre commune à affronter ces défis.

## AMÉLIORER LA MOBILITÉ ET CONNECTER LES VILLAGES

Avec la mise en place d'un système de bus sur demande (Rufbus), nous voulons garantir que tous les habitants puissent réaliser leurs achats et se rendre à leurs rendez-vous dans la commune (p. ex. pharmacie, boulangerie, médecin, etc.). Ce système de bus sur demande doit être adapté aux personnes handicapées et être sans émissions.

De plus, nous voulons nous engager de manière ciblée afin que de bonnes et régulières connexions de bus soient garanties vers les centres de Redange, Wiltz, Ettelbruck et Luxembourg.

Dans le cadre de la transition mobile, nous souhaitons encourager l'installation de bornes électriques aux parkings publics de nos villages. Les citoyens doivent être soutenus dans cette phase de la transition de la mobilité. Pour favoriser la mobilité douce, nous voulons profiter du fait que notre commune est traversée par le réseau national de pistes cyclables. Tous les villages doivent être connectés de la meilleure façon à ce réseau.

## SÉCURITÉ ROUTIÈRE

Dans nos villages, il faut garantir que les habitants et surtout les enfants puissent traverser les routes en sécurité (p. ex. chemin de l'école, vers la piste cyclable). Malheureusement, ceci n'est pas le cas dans certaines localités.

Afin d'améliorer la situation, nous souhaitons procéder à une évaluation de la sécurité sur nos routes pour déterminer les endroits où des mesures de ralentissement (p. ex. passages piétons, panneaux de signalisation, etc...) feraient du sens. L'accès aux pistes cycles doit être sécurisé.

Afin d'améliorer la qualité de vie dans nos villages, nous voulons encourager le réaménagement de rues réservées aux jeux (Spillstroossen).




# EIS SCHOUL

5

## SÉCHERHEET AN INFRASTRUKTUR VUN EISER SCHOUL

An eiser Gemeng wiisst d'Awunnerzuel an den Dierfer permanent weider an deementspriechend ass et wichteg, datt d'Infrastrukture vun eisem Schoulkomplex déser Entwécklung Rechnung droen.

Mir ënnerstëtzen de Projet vum Bau vun der neier Maison Relais a Crèche, déi dringend gebraucht ginn. D'Räimlechkeeten, déi doduerch fräiginn, erméiglechen d'Vergréisserung vun der Schoul.

De Schoulkomplex muss op den neiste Stand punkto Sécherheet bruecht ginn. D'Geforenzonen um Komplex mussen identifizéiert an uschléissend Léisunge gesicht ginn fir d'Sécherheet ze verbesseren.

# NOTRE ÉCOLE

## SÉCURITÉ ET INFRASTRUCTURE DE NOTRE ÉCOLE

Dans notre commune la population s'agrandit en permanence et il est important que les infrastructures d'un complexe scolaire tiennent compte de cette évolution.

Nous soutenons le projet de construction d'une nouvelle maison relais et d'une crèche, dont le besoin est urgent. Les espaces qui en résultent permettront l'agrandissement de l'école.

Le complexe scolaire doit être mis à jour en ce qui concerne la sécurité. Les zones à risque doivent être identifiées et des solutions être mises en place pour améliorer la sécurité.




# HANDEL

6

## ENTWÉCKLUNG VUM HANDEL AN DER GEMENG

Onser Gemeng feelt et un Attraktivitéit par Rapport zur Unzuel vun den Awunner déi stänneg klemmt. Dofir ass d'Beliewung duerch de Commerce eng sozial a wirtschaftlech Noutwendegkeet. Fir dëser Erausfuerderung gerecht ze ginn, wëlle mir den Handel ausbauen an eng Platz schafen, wou d'Bierger vun all den Dierfer kënnen zesumme kommen an interagéieren.

En éischte Schratt wier datt d'Gemeng méi op déi Mëttelen zeréck géif gräifen, déi hir zur Verfügung stinn fir kommerziell Raimlechkeeten ze schafen.

D'Iddi wier et fir den Eenzelhandel méi no beieneen ze kréien, sou datt eng gewëssen Dynamik entstoe kann: z.B. eng Epicerie déi virun allem lokal an ekologesch Produiten ubitt, e Second-Hand Shop, asw...

D'Fërderung vu Pop-Up stores géif et de Bierger erlaben, déi een neit Geschäft wëllen opmaachen, hiert Konzept fir d'éischt emol eng Zäit laang ze testen. D'Reegele fir d'Attributioun musse vun der Gemeng festgeluecht ginn an dem ëffentlechen Interessi entspriechen.

Eng weider Opportunitéit déi ee kéint ergräifen, wier d'Ariichtung vun engem kommerziellen Zentrum an enger neier Geschäftszone, z.B. um Site vun de fréiere Schifergrouwen op der Roumicht, a sou d'Grënnung vun neien Entreprisen erméiglechen. Des Initiativ géif d'Attraktivitéit vun der Gemeng zousätzlech erhéijen, a kéint sou d'Schafe vu neie lokalen Aarbechtsplazen undreiwen.

# COMMERCE

## DÉVELOPPEMENT DU COMMERCE DANS LA COMMUNE

Notre commune souffre d'un manque d'attractivité par rapport au nombre croissant de ses citoyens et sa revitalisation via le commerce est un besoin social et économique. Pour y parvenir, nous voulons développer le commerce et créer un lieu de rencontre et d'interaction.

Une première démarche serait d'utiliser davantage les moyens qui sont à disposition de la commune pour l'aménagement d'espaces commerciaux.

L'idée est de concentrer plusieurs commerces de détail proches l'un de l'autre pour créer un certain dynamisme, p. ex. une épicerie avec des produits locaux et écologiques, un second hand shop, etc...

La promotion de Pop-Up stores permettrait aux citoyens qui souhaitent ouvrir un commerce de tester leur propre concept. Les règles d'attribution devront être fixées par la commune et correspondre à l'intérêt public.

Une autre idée consisterait à réaliser un pôle commercial dans une nouvelle zone artisanale située par exemple au site des anciennes ardoisières à Rombach-Martelange, et pourrait favoriser la création de nouvelles entreprises. Ceci augmenterait l'attractivité de la commune et pourrait devenir un moteur pour créer de nouveaux emplois à proximité.



# 7

## EIS KANDIDATE

# FIR D'GEMENG RAMMERECH
# MIR STELLEN EIS VIR



## ANDRÉ BISSEN

45 Joer, Foulscht

Den André Bissen, genannt Änder, schafft um Ministär vun der Mobilitéit. Den Änder ass an der Par Rammerich St. Valentin als Trésorier aktiv a séngt an der Foulschter Chorale mat. A senger Fräizäit geet hie reegelméisseg spadséieren a mecht och selwer Fotoen. Dem Änder seng Passioun si Modellzich.



## MIKE DUSEMANG

38 Joer, Bestuet, 3 Kanner, Bilschdref

Dem Mike Dusemang säin éischte Kontakt mat eiser Gemeng war als Spiller vum Rammerecher Fussball, wou hien sech haut als Trainer vun der Entente Rammerech – Pärel ëmt déi allerjéngst bekëmmert. De Mike ass am Comité d'accompagnement vun der Maison Relais a President vum Fëscherclub Ueschdrëf 2000. Eng Auszäit beim Waasser an der Natur mat senger Famill ass him gaanz wichteg.



## MICHELLE ENSCH-BRICKLER

57 Joer, bestuet, 3 Kanner, Hueschtert

D'Michelle Ensch-Brickler ass Hausfra, ee Muppefrënd a spoortlech aktiv. Hat hëlleft als Animatrice am Schiefermusée an engagéiert sech bei de Frënn vun der Lee, souwéi an der ONG Madagaskar. D'Michelle vertrëtt d'DP Rammerich am Gemengerot als Conseillère an ass Member vun der Schoulkommissioun. Hat ass Vizepresidentin vun der lokaler Sektioun a Member vum Comité vun der DP Norden.



## ALAIN FRETZ

54 Joer, Bestuet, 2 Kanner, Hueschtert

Den Alain Fretz ass Fonctionnaire am Mobilitéitsministere wou hien sech em den internationale Stroossentransport bekëmmert. Zënter 2018 ass hien am Comité vun der Foulschter Musik a vun 2021 un ass hien hire Sekretär. A senger Fräizäit liest hien am léifste Sachbicher a geet och heiansdo spadséieren. Den Alain ass zënter iwwer 30 Joer Member vun der DP an de Sekretär vun eiser Lokalsektioun.



## PATRICK HOOGENHOUT

31 Joer, Pärel

De Patrick Hoogenhout ass an der Gemeng Rammerich opgewuess. Hien ass geléierten Automechaniker a fiert säit 10 Joer passionéiert Bus. De Patrick spillt leidenschaftlech Trombonn an dëst a ville Museken.



## JEAN KETTER

33 Joer, bestuet, 1 Kand, Wolwen

De Jean Ketter schafft als Gestionnaire administratif op der Regionaldirektioun vun de Grondschoulen vu Wooltz. Hien ass gebierteg vu Bungeref an huet a senger Kandheet zu Pärel Fussball gespillt. Duerno war hien als Spiller an de Basketsveräiner am Préizerdall souwéi an der Fiels aktiv. No engem Studium an der Geschicht, wou seng Interessen op der Immigratioun an der sportlecher Integratioun luchen, huet hien am Enseignement secondaire geschafft.



## CINDY PÉPORTE-REISER

42 Joer, bestuet, 2 Kanner, Pärel

D'Cindy huet iwwer 20 Joer laang Handball zu Käerjeng a Réiden gespillt, bedreift aktiv Fitness, liest gären, an ass am léifste mam Moto ënnerwee soubal d'Wieder et erlaabt. Hat kënnt aus enger politesch aktiver Famill, an ass fir d'éischte Kéier 2005 mat de jonken Demokraten an d'Wale gaangen. Net nëmmen a sengem Beruff als Aide-soignante setzt hat sech fir seng Matmënschen an, mä och als Vize-Presidentin vum Elterecomité am Réidener Lycée, an als Presidentin vum Päreler Second Hand ass hat mat Iwwerzeegung am Asaz.



## ROMAIN RAUSCH

46 Joer, Bungeref

De Romain Rausch schafft zu Ettelbréck am Service Technique vum CHNP an ass am CGDIS aktiv. Hien ass a méi Veräiner an huet eng grouss Passioun fir Batterie an der Musik ze spillen. Ausserdeem geet hien och gäre fëschen.  De Romain ass Member vum Gemengerot a vertrëtt d'Gemeng och am Syndikat vun der Réidener Museksschoul. Hien ass President vun der lokaler DP-Sektioun an am Comité vun der DP Norden.



## GIOVANNI ROMEO

55 Joer, bestuet, 3 Kanner, Foulscht

Den Giovanni Romeo féiert nieft sengem Haaptberuff am Finanzwiesen zanter iwwer 20 Joer nach eng kleng kommerziell Aktivitéit am Fräizäitberäich. Him bereet et Freed wann hien d'Leit bei klengen flotten Events zesummebrénge kann, well dëst hinnen et erlabt bei engem flotte Moment vun hirem Alldag ofgelenkt ze ginn, z.B. bei enger Partie Kicker oder Darts. De Vani huet fréier Fussball gespillt an duerno seng Passioun fir de Kickersport entdeckt, wou hien 10 Joer laang Sekretär vun der Federatioun war. Hie geet mat an d'Walen, wëll et him wichteg ass säi Bäitrag an enger demokratescher Gesellschaft ze leeschten, a fir der Gemeng eppes zeréck ze ginn, wou hien zanter bal 20 Joer mat senger Famill lieft a vill erlieft huet.



## POL THILL

26 Joer, Pärel

De Pol Thill ass Enseignant an der Spillschoul, wou hie mat Schüler aus Flüchtlingsfamillje schafft. Säit 17 Joer spillt de Pol Trombonn an hien ass och Sekretär am Comité vun der Päreler Musik. Nieft der Musik ass hien awer och leidenschaftlech aktiv am CIS Rambrouch, wou hien ënnert anerem d'Jugendpompjeeën aus der Gemeng als Jugendleeder encadréiert.



## KIM ZIMMER-KRUMMES

40 Joer, bestuet, 2 Kanner, Kietscht

D'Kim Zimmer-Krummes war laang Joren als Hausfra aktiv, wëll et him ënner anerem wichteg war fir seng Kanner do ze sinn wou si hat am meeschte gebraucht hunn. Viru kuerzem huet hat als Agent am neie Centre Pénitentiaire zu Suessem ugefaangen ze schaffen, a mécht do och parallel eng Formatioun fir de Beruff auszeüben. A senger Fräizäit geet hat gär mat der Famill campen, oder taucht an d'Welt vum Steampunk an, wou d'Moud aus dem viktorianeschen Zäitalter op futuristesch Elementer trëfft.

DEMOKRATESCH
PARTEI

Rammerich

# No bei dir.

## EIS KANDIDATE
## FIR D'GEMENG RAMMERICH

Lëscht 2



**ROMAIN RAUSCH**
Aarbechter am
techneschen Service
vum CHNP
46 Joer, Bungeref



**MICHELLE ENSCH BRICKLER**
Hausfra
57 Joer
Hueschtert



**ANDRÉ BISSEN**
Staatsbeamten
45 Joer
Folscht




**MIKE DUSEMANG**
Logistiker
38 Joer
Bilschdref



**ALAIN FRETZ**
Staatsbeamten
54 Joer
Hueschtert



**PATRICK HOOGENHOUT**
Buschauffer
31 Joer
Pärel



**JEAN KETTER**
Administrative
Gestionnaire
33 Joer, Wolwen




**CINDY PÉPORTÉ REISER**
Aide-Soignante
42 Joer
Pärel



**GIOVANNI ROMEO**
Privatbeamten
55 Joer
Folscht



**POL THILL**
Enseignant
26 Joer
Pärel



**KIM ZIMMER KRUMMES**
Staatsbeamtin
40 Joer
Kietscht

RAMBROUCH.DP.LU